



## Informationne fir d'UGDA-Veräiner

03.09.2020

Léif Kollege Musikanten, Sänger, Theaterspiller a Dänzer

No der méintelaanger Paus vun eisem kulturelle Veräinsliewen, wier et elo esou lues un der Zäit erëm aktiv ze ginn, den Ëmstänn ugepasst, anescht wéi gewinnt an dach ass et méiglech datt eis kulturell Veräiner nees opliewen. Ëmdenken an Disziplin si gefrot.

D'Gesetz vum 17. Juli 2020 mécht et méiglech, nees ze prouwen a Concerten z'organiséieren. Fir déi aktiv Musikanten, Sänger an Theaterspiller besti kéng Restriktiounen fir hir Aktivitéit auszuféieren, mä et sollen dach Recommandatiounen agehale ginn, déi eis Sécherheet solle ginn. Doriwwer eraus ass Jidderee selwer responsabel wéi en sech behëlt a Jidderee muss seng Responsabilitéit huelen!

D'Veräinsresponsabel si gefuerdert fir hir Méiglechkeeten am Beschten auszenotzen, mir kënnen just allgemeng Informationne ginn.

Mir hunn eis och bei der Militärmusek, dem OPL, de Conservatoiren a Museksschoulen, der Amateur Danz-Sport Federatioun ëmfrot, wéi et do fonctionéiert. Dat folgend Sanitärkonzept ass eng Recommandatioun, wéi et ka fonctionéieren. An der Annexe fann Dir och nach en Extrait aus dem Gesetz vum 17. Juli an Informationne vun de Ministère de la Santé.

### Museken an Instrumentalensembelen

#### 1. Maskepflicht:

- Ëmmer mat Mask, esoubal e Musikant seng Plaz um Pult verléisst!

#### 2. Verdeelung vun de Leit esou wäit ausenee wéi de Sall et zouléisst.

- D'Zuel vun de Musikanten ass net limitéiert an et ass keen Ofstand virgeschriwwen, mee déi disponibel Plaz sollt gréisstméiglech ausgenotzt ginn.
- Fest Sëtzuordnung, déi fir all Prouf déi selwecht ass.
- Bei Plexiglas oder transparente Roll-Ups tëschent de Musikante kann den Ofstand reduzéiert ginn.

#### 3. Presenzlëschte féiere bei all Prouf.

Esou kann am Fall vun enger Infektioun am Veräi gekuckt ginn, wien Kontakt hat.

#### 4. Méi grouss Hygiène:

- An de Säll gëtt et Desinfektiounsmaterial fir d'Hänn, Pulter, Still an eventuell d'Instrumenter.
- Desinfektioun vun den Hänn vir a no der Prouf.
- Desinfektioun vun Noutepulter a Still no all Gebrauch.
- Kondenswaasser vun de Bléiser muss mat adequate Mëttel opgefaange ginn, z.B. Usträicherfliess, deen no all Prouf entsuert gëtt.
- Reegelméisseg de Buedem vum Sall an all Miwwel a Partien, déi vu ville Leit ugepaakt ginn, desinfizéieren.
- Instrumenter no all Prouf botzen.

#### 5. **Reegelméisseg läften:**

De Sall e puer Mol an enger Stonn gutt duerchlëften.

#### 6. **Individualiséierung vum Material:**

- Partiture verdeele mat engem Minimum un Hänn déi sech dodru bedeelegen, idealerweis nëmmen den Dirigent oder den Archivar.
- Beim Spillermaterial, besonnesch Perkussioun, jiddereen seng eege Bengelen, mee och kléngt Material op fest Spiller opdeelen, déi dann och fir d'Maintenance verantwortlech sinn. Keng Instrumenter, Mondstécker oder Bliedercher tauschen.

#### 7. **Instrumentekëschten an Etuien:**

Am Beschten an engem separate Sall d'Instrument aus- an apaken. Instrumentekëschten an Etuien déi während der Prouf am Sall sinn, zoumaachen a beim Verloosse vum Sall desinfizéieren.

#### **Akkordeon- / Zupforchesteren**

sollte mat Mask prouwen, doduerch kann den Ofstand tëschent de Spiller méi kleng gehale ginn. All aner Recommandatiounen zielen och fir dës Ensembelen.

#### **Gesangsveräiner**

##### 1. **Maskepflicht:**

- Ëmmer mat Mask, esoubal de Sänger seng Plaz am Chouer verléisst!

##### 2. **Verdeelung vun de Leit esou wäit ausenee wéi de Sall et zouléisst.**

- D'Zuel vun de Sänger ass net limitéiert an et ass keen Ofstand virgeschriwwen, mee déi disponibel Plaz sollt gréisstméiglech ausgenotzt ginn.
- Sëtzuordnung markéieren, z.b. mat Tape-Kräizer um Buedem oder fest zougedeelte Still.
- Versate Placéierung fir Plaz z'optimiséieren.

##### 3. **Presenzlëschte féiere bei all Prouf.**

Esou kann am Fall vun enger Infektioun am Veräi gekuckt ginn, wien Kontakt hat.

##### 4. **Méi grouss Hygiène:**

- An de Säll gëtt et Desinfektiounsmaterial fir d'Hänn, Pulter a Still.
- Desinfektioun vun den Hänn vir a no der Prouf.
- Desinfektioun vun Noutepulter a Still no all Gebrauch.
- Reegelméisseg de Buedem vum Sall an all Miwwel a Partien, déi vu ville Leit ugepaakt ginn, desinfizéieren.

##### 5. **Reegelméisseg läften:**

De Sall e puer Mol an enger Stonn gutt duerchlëften.

##### 6. **Individualiséierung vum Material:**

- Partiture verdeele mat engem Minimum un Hänn déi sech dodru bedeelegen, idealerweis nëmmen den Dirigent oder den Archivar.
- Jiddwer Sänger huet seng eege Mapp mat de Nouten. Keng Mappen tauschen.

#### **Theatergruppen**

Keng Restriktiounen op der Bün. Allerdéngs sollte Stécker mat klenger Besetzung a mat esou mann wéi méiglech Leit, déi gläichzäiteg op der Bün stinn, gewielt ginn. Direkte Kierperkontakt vermeiden.

Esoubal den Acteur d'Bün verléisst ass Maskepflicht. Maskepflicht ass och fir all déi Leit, déi net op der Bün stinn (Regisseur, Technik, etc.) Och all déi aner Sanitärregelen (Presenzlëscht, Hygiène, Material ...) ziele fir d'Theatergruppen.

### **Folklorgruppen**

Beim Danze bestinn déi selwecht Reegele wéi bei den Theaterveräiner. Eenzeldanz oder den Danz an der Grupp - ouni Mask - ass erlaabt. Ofstand vun 2 Meter tëschent den Dänzer anhalen. NET ERLAABT ASS den Danz wou direkte Kierperkontakt besteet ("Paartanz").

### **De Patt no der Prouf**

Fir déi Veräiner, déi eng "Buvette" am Musekssall hunn zielen déi selwecht Reegele wéi fir den Horesca-Beräich:

- Keen Service um Comptoire.
- D'Leit mussen bei Dëscher sëtzen, maximum 10 Leit pro Dëscher.
- 1,5 Meter Distanz tëschent den Dëscher.
- Service un d'Dëscher mat Mask.

### **Concerten**

Musikanten/Sänger – déi selwecht Reegele gëlle wéi fir d'Prouwen.

Publikum:

- Nëmmen op Reservatioun am Virus (Numm a Kontaktadressen uginn).
- Sätzplang opstelle mat Numm a Virnumm.
- Fest Sätzplazen.

Publikum mat Mask:

- Still mat klengem Ofstand dertëschent.
- Dëscher mat max. 10 Leit pro Dëscher – 1,5 Meter Ofstand tëschent den Dëscher.

Publikum ouni Mask:

- Still mat 2 Meter Ofstand tëschent de Still.

### **Gedrénks um Concert**

Et zielen d'Horesca Reegelen.

### **Versammlungen**

Versammlungen däerfen am Veräinslokal gehale ginn, ënnert der Konditioun, datt eng Presenzlëscht gefouert gëtt, all Member seng fest Sätzplaz huet, mat Mask oder 2 Meter Ofstand tëschent de Still.

Veräiner, déi hir Generalversammlung fir dëst Joer nach net ofgehalen hunn, müssen dat bis Enn vum Joer gemaach hunn.

Mat beschte musikalesche Gréiss,

de Bureau Exécutif vun der UGDA

Gilbert Girsch, Verbandspräsident

Raymond Peters, Vize-President

Marc Thill, Vize-President

Robert Köller, Generalsekretär

André Heinen, Trésorier